

Avis zum Contournement Gemengerot 27 Juni 2016

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen,

wéi der wësst ass den Dossier vum Contournement fir déi gréng Käerjeng e komplizéierten Dossier, well en **2 wichteg Themen vu grénger Politik** géint en een ofweit. Dat ass enger Säits **d'Liewensqualitéit vun de Bierger** an anerer Säits den **Erhalt an de Schutz vun der Natur**. Dofir hu mär eis ëmmer dofir agesat Léisungen ze fannen déi den Impakt op d'Natur sou kleng wéi méiglech géingen halen an trotzdem eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit am Zentrum vu Bascharage ging erméiglechen.

Dofir hu mär och ëmmer gefuerdert, dass een deen **Dossier misst sachlech ugoen**, eng **serieux Analys** vun der Situatioun maachen an **all Méiglechkeeten analyséieren**. Well dëst 2011 net de Fall wuar hu mär als déi gréng Käerjeng eis deemools beim Vote zu der Resolutioun fir de Contournement enthalen. Deemools ass just vun der Variant 1 geschwat ginn, d'Analysen vum Dossier wuere ganz sommaire a virun allem ass als eenzeg Léisung vun der Verbesserung vun der Liewensqualitéit am Zentrum vu Bascharage de Contournement considéiert ginn. Haut hu mer en Dossier wou 4 Varianten analyséiert gi sinn, do drënner och d'Nullvariant a bei all deene Varianten ass och d'Evolutioun vum ëffentlechen Transport an de P&R mat berücksichtegt ginn. **Mär als déi gréng Käerjeng begréissen des Approche vum Ministère**. d'Nullvariant, déi jo och schonn zukünfteg Verbesserungsprojeten beinhalt, ze analyséieren ass extrem wichteg fir de Gesamtimpakt vun där enger oder anerer Variant op Mënsch a Natur kënnen sachlech ze vergläichen an aus der spekulativer Argumentatioun raus ze huelen. Dozou huet och bäigedroen, dass den Dossier sou wuel zu Käerjeng wéi och zu Suessem der Bevëlkerung virgestallt ginn ass an d'Politik de Bierger Ried an Äntwert stung an dat an enger sachlecher Ambiance.

**Mee wat ass dann lo déi aktuell Situatioun respektiv déi vun der Nullvariant?**

Trotz Duebelgleisegkeet a vollen Zich, trotz gudder Ubannung un de Bus, trotz zukünftege Mesuren, wéi P&R zu Rodange a Bascharage an der Prioriséierung vum Bus op der Lëtzebuerger Strooss, géing den Trafic trotzdem weider an d'Lut goen, wäer méi Haiser vu Kaméidi betraff a géingen **NOX-Wärter net ënnert d'Eu-Norm falen**.

Et gétt vill Ursaachen fir wat d'Situatioun zu Käerjeng sou ass wéi se ass. Mär mengen awer, dass et lo kee Wäert huet Scholdzouweisungen ze maachen fir déi eng oder aner Fehlplanungen déi op verschiddeenen Niveaue gemaach gi sinn a wou et schwéier ass fest ze stellen op deemools wou déi Entscheedunge geholl gi sinn hätt kënne viraus gesi ginn wéi d'Verkéiserssituatioun haut zu Bascharage wäert sinn.

Fir déi gréng Käerjeng gétt et **haauptsächlech zwee grouss Problemer** déi d'Ursach vun den héigen Nox-Wärter sinn a maachen, dass d'Liewensqualitéit am Zentrum vu Bascharage op Null tendéiert.

- 1) Dat ass enger Säits allgemeng **ze vill Individualverkéier**, haauptsächlech **Pendlertrafic**, an dat wäert sech och leider net an engem akzeptabelen Zäitraum verbessern.
- 2) An dat ass anerer Säits ze vill **Camionen déi duerch Bascharage an d'Zone Industrielle fueren**. Des wäert een och net op den ëffentlechen Transport kréien.

Aus all dësen Informatiounen an Analysen **zéien déi gréng Käerjeng d'Conclusioun, dass sou wéi et ausgesäit et keng Verbesserung vun der Liewensqualitéit am Zentrum vu Bascharage ka ginn ouni de Verkéier ronderëm Käerjeng ze féieren**. Leider ass et awer sou, dass dat e gréisseren Impakt op d'Natur hätt an dat och an enger Natura 2000-Zone. Mär sinn awer der Meenung, dass de Fait, dass bei der Nullvariant d'NOX-Wärter net ënner d'EU-Norme falen, als „**Raison impérative d'Intérêt Public majeur**“ muss considéiert ginn an domatt de Bau vun enger Strooss duerch d'Natura 2000-Zone ze rechtfertegen wär. Natierlech si mär de Meenung, dass den **Impakt op d'Natur op e Minimum ze reduzéieren** ass an dass schnell Kompensatiounsmesuren an d'Wee geleet musse ginn.

## **D’Fro stellt sech natierlech wéi eng Variant vu Contournement dann lo déi beschten wär?**

- 1) Wéi virdu schonn argumentéiert ass **d’Nullvariant keng Léisung**, well se d’Liewensqualitéit vun eise Bierger am Zentrum vu Bascharage net ka verbesseren. Et ass kloer, dass dëst déi besser Variant ass fir d’Natur, mee dat op d’Käschte vun de Leit an dat wëllen déi gréng Käerjeng net.
- 2) Bei der **Variant 3** ass den Impakt op d’Natur méi kleng wéi bei 1 an 2, mee des Variant huet e puer grouss Nodeeler. Si leeft ganz no laanscht d’Haiser vun eiser Gemeng an erhéicht de Kaméidisimpakt an engem groussen Deel vu Bascharage, si duerchscheid dat Gebitt wat et géing erméiglechen de Bauperimeter vun der Gemeng an Zukunft sënnvoll ze erweideren. E Gebitt dat no un der Gare leit, si leeft iwwert Terrainen déi Majoritär a privater Hand leien, wat et komplizéiert mech fir d’Terrainen ze kréien an et ass déi deierste Variant, well se am längsten ass an e puer Gros Ouvrage méi huet wéi d’Variant 1 an 2. **D’Variant 3 kann also och keng Alternativ sinn.**
- 3) **Fir déi gréng Käerjeng kommen also zwou Varianten a Fro.**
  - a. Dat ass enger Säits **Variant 1**, déi iwwert Suessemer Terrain féiert. Des Variant huet en Impakt op d’Ëmwelt, dee manner grouss ass wéi dee vun der Variant 2. Wéi gewosst ass des Variant **inakzeptabel fir Suessem**, well se fir déi Suessemer ze no laanscht hiert Wunngbitt geet. Aus dëser Ursach si mär der Meenung, **dass een déi Variant net soll forcieren**. Mär sinn dann éischer der Meenung, dass een eng Variant soll huelen wou e Konsens méiglech ass. Aus dëser Ursach begréissen déi gréng Käerjeng et och ausdrécklech, dass d’Schäfferéit vu Käerjeng a Suessem sech gesinn hunn a mär hoffen, dass nach weider Reuniounen wäerte stattfannen fir eng Léisung ze fannen, déi fir déi zwou Gemengen akzeptabel ass.
  - b. **D’Konsensvariant kinnt d’Variant 2, laanscht d’Schinnen sinn.** Den Avantage ass, dass op dëser Streck d’Propriétéitsverhältnisser relativ onkomplizéiert sinn, well e groussen Deel an der Hand vum Staat a vun der Käerjenger Gemeng leit. D’Variant 2 huet awer och e puer Problemer. Sou ass den Impakt op d’Natur méi grouss wéi bei der Variant 1, um Niveau vun der Gare gëtt de Kaméidi méi grouss, do mussen onbedéngt zousätzlech Mesuren fir eis Bierger geholl ginn an zweschend der Norton an der Collectrice leit den Tracé vun der Strooss momentan net direkt laanscht d’Zuchstreck, sou dass op dësem Niveau de Bësch an zwee gedeelt gëtt.

## **Här Buergermeeschter, déi gréng Käerjeng hunn awer och verschidde Fuerderungen bei engem Bau vun engem Contournement.**

**Sou hu mer enger Säits Fuerderungen zu der Variant 2, déi jo fir eis déi Variant ass déi eventuell konsensfäeg ass an déi warscheinlech dowéinst och vun eise Bierger largement favoriséiert gëtt.**

- 1) Et ass extrem wichteg, dass d'Streckeféierung sou geplangt gëtt, dass den **Impakt op d'Ëmwelt sou kleng wéi méiglech ass, dass dee Bësch rëm déi selwecht Funktiounen kann iwuerhuele wéi virdrun?** Dat heescht e Liewensraum bilden fir Fauna a Flora, säi Rôle als Noerhuelunggebitt an säi Rôle als Ceinture verte zweschend Bascharage a Suessem ze spillen.
- 2) Wichteg ass, dass **sou mann wéi méiglech Bësch an zwee gespléckt gëtt.** Dofir fuerdere mär, dass d'Streck zweschend der Norton an der Collectrice sou ugepasst gëtt, dass se sou no wéi méiglech laanscht Schinne fiert fir d'Fragmentatioun ze minimiséieren. Do wou trotzdem de Bësch an zwee gedeelt muss ginn mussen Wëld- a Foussgängerbrécken virgesi ginn.
- 3) Et ass kloer, dass **dat wat u Natur zerstéiert gëtt muss kompenséiert ginn.** Déi gréng Käerjeng sinn der Meenung, dass sou bal d'Décisioun vun der Variant gefall ass scho soll ugefange gi matt kompenséieren an dass d'Kompensatiounen haaptsächlech do sollen gemaach ginn, wou och zerstéiert gëtt. Et geet awer net nëmmen ëm eng quantitativ Kompensatioun mee och ëm eng qualitativ Kompensatioun, sou dass een eventuell a verschiddene Beräicher Verbesserungen hätt.
  - a. Sou kinnt den Impakt op d'Pufferzone vun der Dreckwiss duerch e **Renaturéierungsprojet vun der Kor** kompenséiert ginn.
  - b. **Den Impakt op de Bobesch an den Zämerbesch kinnt um Rand vun dese Bescher kompenséiert ginn** sou dass dat wat déi eng Säit wech geholl gëtt déi aner Säit bei kënnt.
  - c. Interessant wär et wann een de **Bobesch Richtung Collectrice mam Kuesselt kinnt verbannen.** Dëst hätt den Avantage, dass den zesammenhängende Bësch géing méi grouss ginn, ausserdeem kinnt sou déi Sträif zweschend de Schinnen an dem Contournement, déi egal wéi entsteet, mam Kuesselt verbonne ginn.
  - d. Mär giefen et och gut gesinn, wa vun Ufank un en **Noerhuelungskonzept** fir de Bësch zweschend Käerjeng a Suessem géif mat geplangt ginn
- 4) Et wär och wünschenswäert, wann direkt géing matt gekuckt ginn op ee parallel zum Contournement net och eng **Vëlospist** kinnt plangen. Sou hätt een eng direkt Vëlosverbindung vun der Opfahrt vum Contournement op der Lëtzebuerger Strooss an aus der Z.I. bis op d'Gare an dono d'Ubannung un déi bestehend Vëlospist zweschend Käerjeng a Suessem (PC6)
- 5) Um Niveau vun der Käerjenger Gare muss och eng **Léisung fond ginn fir den CR110 ze kräizen,** laanscht de Parking vun der Gare a laanscht d'Norton. De Problem ob dëser Plaz ass, dass bei der héiger Variant den Impakt op d'Natur manner grouss ass, dofir de Kaméidi fir d'Leit awer méi grouss ass. Bei där déiwer Variant ass et ëmgedréint. D'Fro déi sech stellt, ass déi op ee net eng Variant der zweschend kinnt fannen, wou een och un der Héicht vum CR110 géing schaffen, fir hei en optimalen Kompromëss ze fannen. Hei muss gekuckt ginn op dat mat der Norton an deem zukünftegen Parkhaus machbar ass.
- 6) **E wichtige Punkt bei der Variant 2 ass de Kaméidi.** Et ass extrem wichteg genau ze analyséieren wéi vill Kaméidi wou entsteet a wéi een Impakt dat op d'Leit déi laanscht d'Streck wunnen, an och op d'Liewen am Bësch huet. En Fonctioun vun den Etuden muss deen entspreichenden Schallschutz installéiert ginn. Fir déi gréng ass et kloer, dass déi Variant déi gebaut gëtt e minimalen Impakt op d'Awunner däerf hunn.

**Dann hunn déi gréng Käerjeng awer och nach Fuerderungen fir d'Liewensqualitéit am Zentrum vu Bascharage ze verbessern.**

- 1) Wann Ëmgehungsstrooss fäerdeg gebaut ass muss **d'Lëtzebuergerstrooss onbedéngt an en CR reklasséiert ginn** an direkt zeréck gebaut ginn respektiv fir den **ëffentlechen Transport prioriséiert ginn**. Et ass kloer, dass alles muss gemaach ginn, dass de Wee duerch Bascharage méi laang dauert wéi de Wee iwwert de Contournement, soss huet dat ganzt kee Wärt.
- 2) Den **Duerchgangsverkéier fir Camionen duerch den Zentrum vu Bascharage muss verbuede ginn**. Camionen déi an d'Zone industriell wëlle fueren mussen iwwert de Contournement dohinner kommen, dofir ass et och eng Konditioun, dass um **Contournement eng Of- an Opfahrt zu der Z.I. gebaut gëtt**.
- 3) De Contournement alleng bréngt awer nach keng Liewensqualitéit fir eis Bierger. Fir déi ze kréien, muss d'Gemeng och weider hier **Projeten am Beräich Gemeng vun de kuerze Weeër** weider féieren. Bis de Contournement do ass an och dono muss konsequent weider um **Ausbau vun eisem Mobilité douce Konzept** geschafft ginn. Och dee **lokalen Autosverkéier muss reduzéiert ginn** fir d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze verbessern.
- 4) Am Avis vum Aménagement du Territoire proposéieren se eng **Offahrt fir op de P&R vun der Gare ze kommen. Déi Gréng Käerjeng fannen dat keng gutt Idee**, well de P&R op der Gare e lokalen P&R fir d'Gemenge Käerjeng a Suessem an hier Ëmgéigend soll sinn. Eng Offahrt op deem Niveau géing méi Autoen ob d'Käerjenger Gare drainéieren, Autoen, déi schon op de P&R Rodange solle fueren.

**Wéi ass dann lo d'Positioun vun déi gréng Käerjeng zum Avis iwwert dee mer haut sollen ofstëmmen. Mäer wäerten dësen Avis stëmmen**, well mer aus den Argumenter déi mer virdrun virbruecht hunn zur Iwwerzeegung komm sinn, dass mer d'Liewensqualitéit vun eise Bierger anescht net verbessert kréien. Dëst heescht awer net, dass mäer mat allen Textpassagen aus dem Avis averstane sinn. Sou zum Beispill wees jiddereen, dass den **Dippecher Contournement** an der Phase 3 vun de Plans sectoriels Transport virgesinn ass. Fir de Moment **leit awer nach guer keen Dossier vir, keng Tracéen, keng Etuden, guer Näischt op dat déi gréng Käerjeng sech kinnte baséieren**, sou wéi mer dat fir de Contournement vu Bascharage konnte maachen, fir ze justifizéieren, dass een lo direkt de Contournement kéint fuerderen.

Mee wéi scho gesot stëmmen déi gréng dësem Avis zou.